



PAMPERS-ROCKER

JOSY CHRISTEN
71, RUE DE LEUDELANGE
L-8070 BERTRANGE
TÉL. 31 06 75

PÄMPERS - ROCKER

e flott Stéck fir Kanner vum Josy CHRISTEN

PERSOUNEN : de Cricri
 d'Lady Bolognese
 de Wuppa
 den Töff-Töff
 d'Tootzmaschinn, *erlauter Rocker*
 de Knuppeschbauer
 d'Kätti, *séng Fra*

(+ év. nach Rocker-Statisten)

DECOR : An dem Knuppeschbauer séngem Schapp. Alles
 ural an duercherneen : Holz, Stäng, Maschinnen,
 Heebotten asw. Uewen eng kleng Fënsterchen, an
 an der Mëtt eng kleng Maierchen.



(Den éischten Deel spillt virum Rido. Wann dat nët méiglech as, spillt e
schons iirgentswouch op der Bühn, ower nach nët am richtegen Décor vum
Schapp.)

- (*De Cricri, de Chef-Rocker, kënnt mat enger Lutsch am Mond a mat engem
Klappstillchen ënnert dem Arm, e riicht deen op a setzt sech hin.*)
- CRICRI : (*rëselt de Kapp a schwätzt an de Sall*) Ah, Männer a Fraën, dat doen as dach fir
aus der Wäsch ze sprangen ! Ech kënnt dem Töff-Töff a sénger ganzer
Spillschoul der Rei no der op d'Noss knuppen. (*an de Sall*) Wëss der, dat as
déi Rocker-Equip aus deem anere Schoulhaf, mat där mer eis ëmmer an de
Pausen zerschloen.
- LADY B. : (*kënnt vun der Säit*) Hee, Cricri ! A wat reegs de dech dann esou op ? Et héiert
een dech duerch déi ganz Strooss grunzen.
- CRICRI : Lady Bolognese, ech kache vu Roserei, wann ech nëmme un déi Band denken.
- LADY B. : U ween ?
- CRICRI : Ma un den Töff-Töff, den Nugga, d'Tootzmaschinn a Compagnie.
- LADY B. : O mamlikanner ! As et nach ëmmer weinst där Geschicht mat der Hiel am
Bësch ?
- CRICRI : Genee ! Ah, dat as jo dee rängsten Horror !
- LADY B. : So, hues de da weinegstens déi Affär schon onse Kollégen erzielt ?
(*weist an de Sall*)
- CRICRI : O mei, neen ! (*tippt sech un de Kapp*) Dat wor mer elo bal ganz duerch de
Computer gang !
- LADY B. : Da schéiss also schnell lass, Cricri. Ech gi mer an där Zäit de Wuppa fänken.
(*of*)
- CRICRI : (*réckelt mat séngem Stillchen e weineg méi no vir*) Also, dir Bomien, Bopen,
Papageien a Goldfësch, da spëtzt emol är Oueren : ech - de Big-Boss, eis Lady
Spaghetti Bolognese an de Wuppa - dee kennt der nach nët, dat Krappécht as e
jo elo grad sichen -, mir dräi, mir hun déi läscht Woch dohannen am Bësch eng
Hiel entdeckt ... ajo, eng richtig Hiel ! Si läit an engem décke Fiels, den Agank
as hannert enger décker Heck verstoppt, a weider kee Lach méi fir eran- oder
erauszeklammern - ah, Knëff, dat as afentonnemégacoolgénial, soen ech der !
A well mir déi Hiel fonnt hun, si mir also och do Chef. Ech mengen, dat as dach
kloer. Déi Hiel gehéiert ons, a weider kengem op der grousser Welt, oder nët ?!
(*steet op*) A wat hun eis Aë gëschter musse gesin ? Wat hun eis Nuese gëschter
musse richen ? Et wore friem mënschenähnlech Monsteren dobannen, alles
louch d'ënnescht-d'iewescht, zerwullt an duercherneen. (*zu engem am Sall*) So,
du, a wie mengt däi Gehir, dass dat kënnt gewiescht sin, hä ? Kloer, den Töff-
Töff an d'Tootzmaschinn mat hire Bubiën, déi soss ëmmer nëmme doheem am
Sand sëtze mat dem Eemer an de Pännercher ze spillen ... (*rosen*) Ah, et as
dach fir aus der Schuel ze klaken !
(*D'Lady Bolognese kënnt mat dem Wuppa*)
Voilà, elo kënnt méng Sekretärin jo mat dem Wuppa ugetrampelt, da léiert der
dee Professor och emol kennen !
- LADY B. : (*laacht*) Pfff, stell der emol vir, sëtzt hien am Gaart tëscht den Äerdbir faul
Rechnungen ze léieren ... (*leiert*) $3 \times 4 = 12$... $5 \times 7 = 42$... $6 \times 3 = 20$, oder esou
iirgentepes an der Géigend ...
- WUPPA : (*stréppt d'Äerm erop*) Also, Cricri, égal wéi, mä den Owend rabbelt et ! Den
Owend fléien d'Fatzen ! Mir wäerten déi pupeg Boxeschësser dach nach
Meeschter gin ! A wat jhickt de Pätter ?! (*an de Sall*) Haalt Dir Iech op jhidde
Fall alt scho prett, fir de Rettungshelikopter ze alarméieren !

- LADY B. : Wat ? Eng Kläpperei ? Da bleiwen ech doheem. Mengs du éieren, ech géif gäere mat dem Kapp ënnert dem Aarm doruechter trëppelen ? Nee, gleew dat nët ! Mä so, wat as dann iwverhaapt esou Wichtiges lass ?
- WUPPA : Haut den Owend laatsche mer bei de Knuppeschbauer --
- LADY B. : Bei de Knuppeschbauer ?
- WUPPA : -- mer schläichen a säi Schapp an do verstoppe mer eis dann.
- CRICRI : (*lächerlech*) Nee, wéi séiss ! Mir spille Stëppches ! (*séngt*) Ringel-ringel-rosen ... Eiapopeia, schlot d'Dickelchen dout ...
- WUPPA : Ma da berouegt emol äeren Nervesystem ! Do luusse mer aus där klenger Fënsterchen iwvert de Mëschtekoup ewech bis hannenaus op de Boulevard, wou den Nugga an d'Tootzmaschinn wunnen, an da waarde mer esou laang, bis mer dee ganzen Trapp Dinosaurier gesin an de Bësch wänzelen, fir eis Hiel nees auszespionnéieren.
- LADY B. : Jo, an dann ?
- WUPPA : Jo, an dann ? Wat as dat doen eng domm Fro ! Mengs de éieren, mer géifen da Mécke fänken an déi esou laang mat Mars a Snickers dresséieren, bis se (*iirgent e bekannten Hit*) rocke kënnen ?
- CRICRI : Allez, Lady Maccaroni Tortellini, iwverlee emol : mer rullen hinnen dann heemlech no, ouni mateneen ze pallaweren an duerch d'Natur ze néitschen, a wa se bis an dem Fiels verschwonnen sin, verbarricadéiere mer den Agank a mer hun déi ganz Mafia dobanne gefaangen.
- WUPPA : Genau. Du sees et. Ewéi d'Maus Ketti bei engem Stéck Speck an der Fal.
- LADY B. : Jo, a mat wat wëlls de dann do de Fiels zoustoppen ?
- CRICRI : Oh, dass d'Fraleitt sech ëmmer mussen esou vill de Kapp zerbréchen !
- WUPPA : Mä mat iirgentepes, Bolognese-Meedchen. Wann een iirgentzwouch iirgentepes iirgentwéi maache wëllt, da fënnt een och schon ëmmer eppes, ouni laang virdrun driwwer ze philosophéieren. Verhal der dat !
- CRICRI : Okay. Bis haut den Owend dann.
- WUPPA : A vergiess déng Täscheluucht nët, Cricri.
- LADY B. : Sot, ëm vill Auer treffe mer eis dann ?
- CRICRI : Oh, soe mer esou ëm déi aacht.
- LADY B. : Waat ? Esou spéit ?
- WUPPA : Wéi, as dann däi Sandmännchen éieren nach nët eriwwer ?
(*De Wuppa an de Cricri laachen a gin of; d'Lady Bolognese rëselt de Kapp a geet och fort*)
- (*Zwee aus enger anerer Rocker-Grupp : den Töff-Töff - e Rocker am Zylinder - an d'Tootzmaschinn, och rau nonee gemat, kommen op d'Bühn. Den Töff-Töff maufelt un enger décker Schmier, anengems knoutert en eppes a schléit sech vu Freed op de Knéi.*)
- TOOTZ : Allez ! E manéierleche Rockerboy schwätzt nët, wann en d'Salle-à-manger voll huet ... (*tippt him un d'Stier*) Späicher dat emol heiuewen op dénger Diskett ! (*an de Sall*) Oh, ëntschëllegt ! Duerf ech présentéieren : dat hei as mäi Kollég, dee berühmten Töff-Töff mat dem Zylinder. E sëtzt an der Schoul niewent mer an der Bänk an e pëtzt mech un engem Stéck an d'Been.
- TÖFF-TÖFF : (*huet de Mond elo eidel*) An dat hei as d'Tootzmaschinn ! Et tootzt a schwätzt nämlech vu méindes mueres bis sonndes owes riicht duerch esou e Koup Blech zesummen, dass de Schrotthändler schon e puermol mat séngem Camion koum, fir opzelueden ...
- TOOTZ : Oh, den Töff-Töff ! Elo gët en nees un ewéi eng Tut plakeg Mécken.
- TÖFF-TÖFF : (*setzt sech op dem Pierli säi Stillchen*) So, ech hu gëschter Owend nees musse mat dem Cricri an der Lady Pastasciutta laachen ... oh, hälllege Passé composé !
- TOOTZ : (*tesselt sech niewent den Töff-Töff op de Buedem*)
Wéi ? Hu se nees eng komme gelooss ?

- TÖFF-TÖFF : Ho, déi agebildten Auguste menge jo wierklech, si wieren Här a Meeschter an der Hiel ... ah oui, an dat am décken Eescht !
- TOOTZ : Waat ? An dobei kënne se sech emol nach nët eleng d'Nues botzen !
- TÖFF-TÖFF : Mir wäerten hinnen op jhidde Fall scho weisen, weem déi Hiel gehéiert a weem nët ! Ons a kengem aneren ! Huel do Gëft drop, Tootzmaschinn !
- TOOTZ : (*an de Sall*) Kuckt emol, Vollék, wat den Töff-Töff e puer Zänner Muskelen huet ! An eisen Nugga, deen huet nach vill méi décker. Passt op, wou déi zwee draschloen, do sténkt et eemol no Gummi, et dämpft e wéineg an dann huet eise Globus eng Téitsch ! - (*zum Töff-Töff*) So, an d'Lady Bolognese, dat hält och nach zu hinnen ?
- TÖFF-TÖFF : D'Lady Bolognese ? Ho, dat fäert jo säin égene Schiet ! Weis deem emol eng Spann, déi um Buedem erëmkrabbelt, da jäizt et no der Mammi a geet an d'Getten !
- TOOTZ : Ha, déi wäerte mer scho kleng kréien ! Komm, à l'attaque !
(*allebéid of*)

(**De Rido geet op - elo si mer am Duerchernee vum Knuppeschbauer séngem Schapp, wou et ower nach zimlech däischer as.**)

- (*Vu lénks gesäit een e puer Täscheluuchte liichten*)
- CRICRI : Sou ... schéi gemittlech ! An hei wiere mer jo schon. Mä passt jo nëmmen op, dass der näischt mat äere Plattféiss ëmstoussst, nët dass et ewéi geckeg rubbelt an dem Knuppeschbauer säin Hond gejhauwt kënnt.
(*De Cricri, d'Lady Bolognese, de Wuppa - an év. e puer Rocker-Statisten - kommen mat hieren Täscheluuchten an de Schapp*)
- LADY B. : Oh flüte ! Wat as dat hei esou onheemlech ! Do kriss de jo vun erlauer Angscht Pudding and'Knéien..
- WUPPA : Ah, Lady Tiramisu, wann s de ufänks ze soueren, dann häss de besser gehat doheem ze bleiwen an dech an déng Duckli-Nana ze tesselen !
- CRICRI : (*liicht op e Koup Holz*) Allezhopp ! Verstoppt iech elo hei hannert dee Koup Holz, soss maachen ech iech allebéid e Knuet an d'Zong.
(*D'Lady Bolognese an de Wuppa verkauche sech hannert d'Holz*)
- LADY B. : (*an de Sall*) Hudd der héieren, wat de Cricri e stramme Kommando huet ?
- WUPPA : (*idem*) Do kënns de der vir ewéi bei der Arméi !
(*Währenddeems as de Cricri op den Heebotte bei déi kleng Fësterchen eropgeklotert a luusst eraus*)
- CRICRI : (*erféiert*) O knätsch ! Dat doe geet jo scho gudd un !
- LADY B. : Wat as dann elo geschitt ?
- CRICRI : Ma doënnen as elo grad e Schiet iwwert den Drot geklommen.
- LADY B. : (*ängschtlech*) E Schiet ? Brr, wéi grujheleg !
- WUPPA : Pff ! Sécher de Knuppeschbauer ... oder säi Kniecht ... oder villäicht säi Kätti ...
(*Et rabbelt eppes. De Cricri rëtscht vu Schreck vun den Heebotten erof*)
- LADY B. : Hee, a wat der Däiwel wor dann dat do ? Ganz bestëmmt ower nët de Knuppeschbauer ... oder säi Kniecht ... oder villäicht säi Kätti ...
- CRICRI : Neen ... dat wor iirgentswouch hei an dem Schapp ... (*reiwit sech den Hënner*) ... an ech hun den Hënner voller bloer Plazen !
- LADY B. : Cricri, so, hätte mer nët villäicht besser heemzegen ?
- WUPPA : O, wat sidd dir Fraleitt ower Fraleitt ! Kleng Strutzpoppen, déi zidderen a fäerten, gehéieren owes an hiert Bett, nondijabel a keen Enn !
- LADY B. : A wann et da wierklech e Gangster wor, hä ? Mat der Pistoul oder mat dem Messer ? Ja, an dann ?
(*Et rubbelt nees*)
Héiert der, et as ower nach een heibannen !
- CRICRI : Ah, vraiment, seet de Franzous. Do as eppes nët ganz dicht, do as eppes, wat nët klappt.

- (*Hannen am Eck fällt e Koup Stäng em*)
- CRICRI : (*zitt de Wuppa an d'Lady Bolognese nees hannert d'Holz*) Hopp ! Schnell hannerwands ! Dohanne bei de Gromperen, do gesin ech eng Täscheluucht liichten.
- WUPPA : (*luusst eraus*) Ou freck jo ! Ei, Jong, dat do gët rau !
- LADY B. : (*fäertereg*) Mä, Cricri, a wann dann ubeemol ---
- CRICRI : De Bak geholl, Pëppchen. Soss kriss de en Timber op d'Stier an da schécke mer dech nees mat der Post heem.
- (*Vu riets kommen den Töff-Töff an d'Tootzmaschinn - och mat év. e puer Rocker-Statisten - an de Schapp geschlach. Den Töff-Töff huet e Seel em d'Schëller.*)
- TÖFF-TÖFF : Ha, du kleng Tootzmaschinn, hei geet de Cricri ons nët duerch d'Bascht. Kucks d'emol, deem Wäisse-Kéis-Spunt wäert d'Häerz an de Kalzong rëtschen, wa mer en am Bësch mat dem Lasso fänken. (*weist säi Seel*)
- TOOTZ : Waart, ech maache léiwer d'Täscheluucht aus, nët dass se eis nach vun der Strooss aus gesin.
(*Si verstoppe sech ongeféier ee Meter vun deenen aneren ewech, ouni sech ower ze gesin, well jo déi kleng Maierchen dertëscht as*)
- TÖFF-TÖFF : Dee pupege Cricri an dee schiele Wuppa ! Déi komme bestëmmt nët op d'Iddi, dass mir hei an dem Knuppeschbauer séngem Schapp op si laueren.
- LADY B. : (*muss déi aner Säit néitschen*) Hatschi !
(*De Cricri an de Wuppa halen him de Mond zou; den Töff-Töff an d'Tootzmaschinn bekucke sech grouss*)
- TOOTZ : Hee, Töff-Töff, a wat ... a wat wor dann dat elo ?
- TÖFF-TÖFF : (*deet säin Zylinder aus a luusst rondrëmmer*) Drolech !
- TOOTZ : Do huet iirgentepes genéitscht.
- TÖFF-TÖFF : Mengs de ? Ech hun ower nach ni héieren, dass d'Kéi op engem Bauerenhaff néitschen !
- WUPPA : Psst ! Ee Momentchen, dir Leitt ! (*wëllt aus sénger Stopp eraus*)
- CRICRI : (*hält e mat der Box zréck*) Bleif dach hei, du lintebinni !
- WUPPA : Mä da looss mech dach ! Ech muss dach ziele goen, zu wivill dass se sin. Nët dass se ubeemol zu 386 Mann do sëtzen a se huelen eis der Rei no auserneen. Allez, allez, iwverlee emol !
(*De Wuppa kraucht no vir, am sälwechte Moment kënnt och den Töff-Töff vun där anerer Säit gekroch, a se knuppe mat de Käpp aneneen*)
- TÖFF-TÖFF : (*deet e Kreesch*) Au !
- TOOTZ : Wéi ? As eppes geschitt, Töff-Töff-Boy ?
- TÖFF-TÖFF : (*hält säi Kapp*) Donnerwetzki, méng arem Bëlz !
- CRICRI : (*zum Wuppa, dee sech och de Käpp hält*) Gesäis de ! Ech hat der et jo gesot. Du häss solle mat der dommer Nues hei hannert dem Holz bleiwen.
- CRICRI : Ech krut jo keng op d'Nues, mä eng fatzeg op d'Zentral. O märr, wat huet deen en haarde Kapp !
- TOOTZ : (*erféiert*) Lauschter ! Do sin der nach hei am Schapp !
- TÖFF-TÖFF : Geess d'ewech ! Du gesäis d'Männercher ! Du fuebels, Tootzmaschinn !
- TOOTZ : Mä dach ! Ech hun een héiere schwätzen. Do hannert dem Koup Holz.
- TÖFF-TÖFF : A wee soll dann nach an deem Gewulls hei hausen ? De Klees-chen an den Housécker villäicht ? (*hieft sech a mécht d'Täscheluucht un*)
- LADY B. : (*duckt sech voller Angscht*) Oh Cricri, elo huet en eis !
- CRICRI : Pscht !
- TÖFF-TÖFF : (*licht duerch de Schapp*) Ech géif et op jhidde Fall kengem roden eis duerch d'Welt nozeschläichen.
- WUPPA : (*späizt an d'Hänn*) A lass, Jungen, elo gët et Streech !
- TÖFF-TÖFF : (*geet op de Koup Holz duer*) Hei hannert dem Holz, sees de ?! Mä da waart emol ---

(Elo schwätzt de Knuppeschbauer a säi Kätti vu baussen)

- BAUER : (*vu baussen*) Aha, hei setzt der jo, dir kleng, fett Borschten !
TÖFF-TÖFF : (*mécht d'Luucht aus, erfëiert :*) Oh freck ! De Knuppeschbauer !
BAUER : (*vu baussen*) Kommt, fäert dach nët ! Allezhëpp, eraus aus äerer Stopp !
(*Op béide Säite fänken d'Rockeren elo un ze zidderen*)
LADY B. : A wat ... a wat heescht dann dat elei ?
KÄTTI : (*vu baussen*) 't as ze vill echt : esoubal se däi laangt Schluechtmesser gesin, da verkrauchen se sech an den Eck.
TOOTZ : Waat ?
WUPPA : E Messer ?
CRICRI : An och nach e Schluechtmesser ?! Also ... dat as jo elo wierklech nët dat Kammoutst esou an de Bauch gepickt ze gin ...
BAUER : (*vu baussen*) Hopp, Kätti, huel du einfach deen éischte beim Wéckel an da fuere mer duer ! Mäi Messer as geschlaff, an aacht Stéck musse mer bis den Owend erleedegt hun.
TÖFF-TÖFF : Pfff ... do geet engem jo den Doudschweess aus ...
KÄTTI : (*vu baussen*) De Pelz iwwert d'Ouere gezun a muer leien se an der Pan ze brutschelen.
LADY B. : Cricri, hues de héieren ? Dat as jo e Mënschfrësser ! Elo heescht et ower séier fort hei !
TOOTZ : Ah neen ! Ech gi geckeg vun Angscht !
WUPPA : (*spréngt op, mécht séng Täscheluucht un a riff*) Här Knuppeschbauer !
TÖFF-TÖFF : Ho, kuck, do as jo de Wuppa !
CRICRI : Här Knuppeschbauer !
TOOTZ : An och de Monsieur Cricri ! A wat sicht dir dann heibannen ?
CRICRI : Ech mengen, dat wir elo Wurscht, wou deen Ale mat dem Schluechtmesser hannert eis hir as.
TOOTZ : (*laacht*) Gesäis de, Töff-Töff, deen dichtege Cricri ! En as jo ëmmer esou staark, an elo mécht en an d'Box, trotz séngen décke Muskelen !
LADY B. : Mä du domm Tootzkanoun ! Wiers du da gäre stéckelchesweis an der Pan gebroden, hä ?
(*De Knuppeschbauer a säi Kätti komme mat Schluechtmesser an Täscheluucht an de Schapp*)
TÖFF-TÖFF : Här Knuppeschbauer !
BAUER : (*verwonnert*) A wat der Jomer as dann hei lass ?
LADY B. : Wann ech gelifft, wann ech gelifft ...
KÄTTI : (*licht an deen aneren Eck*) An do sätzen der jo nach !
TOOTZ : (*steet op*) An hei och, wann Der fuerwëtzeg sidd.
BAUER : A wat dreiwt dir Krappschäss iech dann hei a méngem Schapp erëm, sot emol ?
WUPPA : Wann ech gelifft, Här Knuppeschbauer, mir bieten Iech ...
LADY B. : Bekuckt eis dach nëmme : Si mir dann esou Schroer ? Mir hun nach kenger Méck a kenger Flou e Bee gekrëmmt
KÄTTI : Mä hackerstiwel, wat hudd der da blouss ?
BAUER : Also, Kätti, dat doe kënnt mir och spuenesch vir !
CRICRI : (*weist op d'Messer*) Wësst Der, Bauer, stiecht äert Messer léiwer nees an d'Täsch, well ons Meedercher sätzen an der Doudangsch.
TOOTZ : Oh, de Cricri, lauschter nëmme, wat e sech opléist ! Am Stand, du hues nët mat de Knéien an der Box gewackelt ?!
LADY B. : Här Knuppeschbauer, firwat wëllt Der eis dann iwwerhaapt dout maachen ?
KÄTTI : (*erstaunt*) Wéi ? Iech doutmaachen ?
WUPPA : Firwat wëllt Der eis dann iwwerhaapt de Pelz iwwert d'Oueren zéien ?

BAUER : (total perplex) So, Klengen, gesäis du d'Männercher ?
 TÖFF-TÖFF : Majo dach !Dir sot et dach sälwer : an eis duerno an der Pan brutschelen ...
 KÄTTI : (ubeemol) Aha, elo kommen ech no ! (zum Knupeschkbauer) Nikkela, déi do,
 déi mengen --- (fänkt fiercherterlech u mat Laachen)
 CRICRI : Ech wéisst nët, wat et nach do ze laache gët, Madame Kätti !
 BAUER : (laacht elo och mat) O freck jo ! Elo as och bei mir de Frang gefall !
 KÄTTI : Mä Kanner, dat Messer, dat as dach guer nët fir Iech !
 BAUER : Gewëss ! Ech hale wuele jo !
 (Se kucken all grouss a verwonnert; duercherneen :

- Wéi ? Wat ?
 - Pardon ?
 - Nët fir eis ?
 - Jo, a fir ween dann ?)

BAUER : Mä et as fir méng Kanéngercher !
 ALL : (grouss) Hä ? Kanéngercher ???
 KÄTTI : Jo, mir hun hei niewent dem Schapp e Kanéngercherstall, a well mer muer
 Besuch kréien, wollte mer dæer jhust e puer schluechten, fir dass mer eppes
 Zolittes fir de Mëtteskascht um Teller hun ... do !

ALL : (duercherneen) Kanéngercher ... Kanéngercher schluechten ...
 LADY B. : O, wat si mir Daboën !
 TÖFF-TÖFF : O, wat si mir Eefalten !
 CRICRI : O, wat si mir Hännessen !
 TOOTZ : O, wat si mir Trëllerten !
 WUPPA : O, wat si mir Blaniën !
 ALL : Sot emol, si mir da keng topeg Pämpers-Rocker ???

RIDO